

Une voix. - Jo, mat deene Kierchen do, jo, jo!

(Hilarité)

M. le Président. - Also, muer de Mëtteg géinge mer mat de Kierchen ufänken - net esou. Et si wichteg Saachen.

Also, wann d'Chamber domadder d'accord ass, da fuere mer elo weider.

(Assentiment)

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5226 iwwer en neie Bau fir de Centre de recherche public. Et sinn ageschriwwen déi Häre Fayot, Schummer, Greisen an Huss. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Fred Sunnen.

3. 5226 - Projet de loi relative à la construction d'un nouveau bâtiment dans l'intérêt du Centre de Recherche Public - Santé à Luxembourg

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Fred Sunnen (CSV), *rapporteur*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fuerschung zu Lëtzebuerg ass nach jonk, nach bal an de Kannerschong, net vun der Qualitéit hier, mä zumindest wann een de Verglach mam Ausland erunzitt, wou et schonn iwwer Jorzéngten eng Fuersungskultur gëtt. Trotzdeem goufen et an den 80er Jore bei eis wichteg Impulser an deem Beräich.

Mam Gesetz vum 9. Mäerz 1987 sinn déi sou genannt Centres de recherche publics an d'Liewe geruff ginn, déi elo schonn iwwer 16 Joer gutt a wäertvoll Fuersungsaarbecht maachen. Se brauchen de Verglach mat aneren auslänneschen Instituter net ze scheien. Haut kënnen mer soen, datt och Lëtzebuerg e Fuersungsstanduert ass, e klengen, bescheidenen, mä e performanten, dee besonnesch an dëser Legislaturperiod konsolidéiert gouf.

1999 krut eist Land säin éischte Fuersungsministère an am Koalitionsaccord vun der CSV/DP-Regierung gouf festgehalen fir déi budgetär Moyene fir déi öffentlech Fuerschung bis Einn vun der Legislaturperiod op 0,3% eropzeschrauwen. Am Juli vum leschte Joer krut d'Uni Lëtzebuerg säi gesetzleche Kader, eng Institutioun, an déi mer héich Erwaardungen hunn an déi och der Recherche hei zu Lëtzebuerg nei Impulser wäert ginn. De Centre de Recherche - Santé ass duerch de Règlement grand-ducal vum 18. Abrëll 1988 an d'Liewe geruff ginn. En ass déi logesch Suite vun enger Entwécklung, déi an de 70er Joren hiren Ursprung hat. Déi medezinesch a biomedezinesch Recherche zu Lëtzebuerg huet sech virun allem am Fueraasser vun der Schafung vum Centre hospitalier an dem Statslabo entwéckelt.

De CRP-Santé huet sech haut der öffentlecher medezinescher Recherche verschriwwen, ouni sech dem Technologietransfert an der Entwécklung an Uwendung vun neien innovativen Technologien ze verschlëssen. Dobäi sicht de CRP-Santé d'Zesummenaarbecht mat anere Fuersungsinstituter a mat Firmen aus dem In- an Ausland. D'Aktivitéit vum Centre de recherche public, deenen eis de Mëtteg beschäftegt, focaliséiere sech virun allem op d'Beräicher vun der Epidemiologie, der Zellularbiologie, der Molekularbiologie, der Bioinformatik, der Genetik a vun der Génomique. Am Kontext vun der Uni Lëtzebuerg spillt de CRP-Santé, wéi iwwregens och déi aner CRPen, eng wichteg Roll, wann et drëm geet, fir nei Synergien ze schafen, déi Héichschoul a Fuerschung matenee verbannen.

An deene 16 Joer vu sengen Aktivitéiten huet de Centre de Recherche - Santé sech missen adaptéieren an dat en fonction vun de Fuersungsberäicher, deenen e sech ugeholl huet, an en fonction vum technologesche Fortschritt an der Santé, der Recherche u sech an an der Wirtschaft. D'Erausforderunge leien haut virun allem op de Beräicher vun der Biologie, aus deene sech eng Partie Opportunitéiten a Chancë fir de Centre de recherche public erginn.

Dëst huet mat sech bruecht, datt de Centre de recherche nei Synergie mat anere Centren, der Uni Lëtzebuerg an der Industrie siche muss. Doriwwer eraus ass eng interdisziplinär Approche onerlässlech, well sech déi eenzel Fuersungsberäicher net ëmmer vuneneen trenne loosse. En plus muss de Centre de recherche säi Statut qualitativ a héichwäertege Fuersungssite zu Lëtzebuerg fir jonk Fuerscher - weider verdeedegen an attraktiv gestalten, fir datt mer méi Fuerscher an deem Beräich op Lëtzebuerg kréien.

Zu gudder Lescht muss de Centre de Recherche d'Roll vun engem Incubateur d'entreprises iwwerhuelen als Hëllefstellung bei Betriebsgrënnungen, besonnesch am Beräich vun de Biotechnologien. Déi aktuell Struktur an Organisatioun vum Centre de Recherche Public - Santé deelt sech haut an dräi Hauptdepartementer op; fir d'éischt den Departement vun der Recherche, deenen 120 Leit beschäftegt an dee sech an zéng Ënnerstrukturen opdeelt - d'Majoritéit vun dese Mataarbechter enseignéieren entweder hei zu Lëtzebuerg um Cours universitaire oder am Ausland -; den Departement vun der Santé, deenen 2000 an d'Liewe geruff konnt ginn an dee sech an de Centre de Ressources en Épidémiologie et Systèmes d'Information Sanitaire, kuerz CRESIS genannt, de Service d'Analyse des Systèmes et des Services de Santé, kuerz SASSS, an de Centre de Prévention, Recherche, Études et Évaluations Européennes dans le Domaine de la Santé, kuerz PREEDS, andeelt; an den Departement vun de Biotechnologien, dee sech säit 2000 virun allem als Accélérateur d'entreprises erverdeet.

Last but not least brauch de CRP och eng performant Verwaltung, déi sech der Entwécklung vum Centre de recherche a sengen Aktivitéiten upasse muss.

Aus all deem muss ee schléissen, datt de Centre de Recherche Public - Santé haut definitiv ze kleng ass, fir a standesgemässe Konditiounen kënnen weiderzeschaffen. Dat ass och de Grond, firwat de Projet 5226 iwwert d'Schafung vun engem neie Gebai fir de Centre de Recherche Public - Santé batter noutwendeg ginn ass.

Déi eenzel Departementer verdeele sech am Moment op verschidde Siten an dat a Gebaieckeeten, déi net méi déi néideg Sécherheetsdispositiounen bidden. Dat ass virun allem de Fall bei de Laboen, déi haut verschiddene Sécherheetsnormen entspreche mussen. Vill vun aktueller Lokaler gehéieren u sech och aneren Institutiounen wéi dem CHL, dem Cours universitaire an dem Statslaboratoire. De Projet stellt deemno an Ausiicht dësen Institutiounen hir Lokaler zréckze ginn. E weidere Virdeel vun engem neie Gebai fir de CRP ass deen, datt en op de Site vum CHL kënnt, wat d'Zesummenaarbecht tëschent deenen zwou Institutiounen, déi een als enk bezeechne kann, sécherlech substanzial vereinfacht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiede Projet ass den 21. Oktober 2003 vun der Madame Bauteministesche Erna Hennicot-Schoepges an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säi favorablen Avis de 16. März vun deem Joer ofginn. An der Sëtzung vun der zoustänneger Bautekommissioun vum 14. Januar 2004 sinn

ech als Rapporteur designéiert ginn, an an der Sëtzung vum vergaangenen 19. Abrëll hunn d'Memberen de Projet an den Avis vum Statsrot op Häerz an Niere gepréift. De schréftleche Rapport ass an der Sëtzung vum 29. Abrëll ugeholl ginn.

Wéi scho gesot, kënnt dat neit Gebai hannert de Centre hospitalier. D'Gebai charakteriséiert sech duerch seng gliese Struktur, déi sech a verschidden Unitéiten opdeelt, déi sech de jeeweilege Funktiounen wéi beispillsweis där renger Verwaltung bis hin zu de Laboratoiren ëmmer upassen. Natierlech sinn d'Fuersungsbüroen an d'Raim sou wéi de Laboratoire mat dem néidegen technologeschen a sécherheetstechneschen Know-how ausgestatt. Virun allem d'Laboratoire si jee no Geforegrad a jee no Fuersungsmatière mat den entspreche Sicheerheetsdispositiounen équipéiert.

Et ass kloer, dass d'Sécherheetsmoosname regelméisseg iwwerpréift an adaptéiert musse ginn. D'Büroen vun de Chercheuren an déi verschidde Versammlungs- a Konferenzraim sinn esou agencéiert, datt de Kontakt tëschent deenen eenzelne Fuerscher permanent ass, wat dem Prinzip vun der Cross-fertilization entsprécht. D'Interaktioun tëschent de Mataarbechter ass also ëmmer garantiert. Et gëtt des Weideren e besonnesche Wäert drop geluecht, fir datt déi eenzel Kompartimenter individuell ausgestatt sinn, wat virun allem um Niveau vun de Laboratoiren an den ugrenzende Raim vu Virdeel ass, fir datt am Fall vun enger Fuite keng Kontaminatioun vum ganze Gebai stattfanne kann. Et bleift nach ze erwähnen, datt all Etage mat enger Ventilatioun équipéiert ass.

Op déi architektonesche Feinheete vum Gebai kann ech aus Zäitgrënn net méi agoen. D'Documents parlementaires waren an deem Sënn komplett genuch, fir datt ech doerwer weise kann. Och déi technesch Finess sinn an dësen Dokumenter nozelies.

De Bau vun esou engem Gebai ass méi strengen Oplagen ënnerworfen wéi eng Schoul oder e Verwaltungsgebai. Virun allem um sécherheetstechneschen Niveau sinn enorm Investissementer verlaangt. De Projet muss sech doriwwer eraus un der ëmwelttechnescher Législatioun orientéieren, wat weider Investissementer um Niveau vun de Laboratoire mat sech bréngt. De viraussichtlechen Devis fir de Bau beleef sech op 73 Milliounen Euro, wouvun 12,35 Milliounen virgesi si fir speziell Equipementer. De Statsrot huet sech an deem Kontext d'Fro gestallt, ob sech dës Distinction vun den Dépenses net als ze streng erausstellt. D'Exploitatioun an d'Ënnerhaltkäschte belafen sech järelech op 3,26 Milliounen Euro. Dëst sinn alles Dépenses, déi iwwert de Fonds d'investissements sanitaires verbucht ginn.

An der Kommissioun konnten nach verschidden Onkloerheeten iwwert dese Projet aus der Welt geschafe ginn. Esou ass preziséiert ginn, datt dat neit Gebai nach gewësse Reserven u Lokaler bereethält, am Fall wou sech d'Aktivitéiten nach weiderentwéckele sollten. De Site selwer hält och nach verschidde Potentialitéiten bereit, falls d'Gebai vergréissert gi muss.

Wat déi verschidde Projekte vum CRP ubelaangt, sou ass ervirgehuwe ginn, dass schonn elo eng enk Zesummenaarbecht mat aneren auslänneschen Organismen besteet, déi duerch déi nei Infrastruktur nach weider ausgedehnt ka ginn.

D'Kommissioun huet sech och mat de redaktionellen Ännerunge vum

Statsrot averstane gewisen. E Problem gouf et awer mat der Proposition vum Statsrot wat den Intitulé an den Artikel 5 betrëft. De Statsrot war nämlech am Glawen, dass sech d'Grondstücksfroe schonn am Gesetz vum 10. Dezember 1975 iwwert den Établissement public vum CHL gekläert hunn. Et ass awer festgehalen ginn, datt en Acte de cession gratuite vum Terrain, deen am Moment nach dem Stat an der Stad Lëtzebuerg gehéiert, opgesat gëtt, fir dem CHL zegutt kommen ze loosse. No deem Akt trëtt den CHL dësen Terrain un de Stat of, dat à titre de bail emphytéotique, fir datt mam Bau vum CRP-Santé kann ugefaange ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren déi grouss Linne vun deem Projet.

Mir als CSV-Fraktioun denken, datt d'Fuerschung zu Lëtzebuerg en adequaten Encadrement kréie muss. Dat bezitt sech virun allem op eis Fuersungsinfrastrukturen. D'Recherche ass mëttel- a laangfristeg zum Scheitern veruerteelt, wann eis Fuerscher net an deene Konditiounen kënnen schaffen, déi an anere Länner virzefanne sinn. Wann déi nächst folgend Regierungen um Zil festhalen wëlle fir de Standuert Lëtzebuerg weider auszubauen, dann ass dat heite kee mutwëllegen Investissement, mä eng Investioun an d'Zukunft an an d'Kompetitivitéit vun eisem Land.

Mam Accord vu menger Fraktioun schléissen ech meng Interventioun an ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président. - Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, fir dass et direkt ganz kloer ass, mir wäerten dese Projet mat Begeescherung stëmmen, deenen endlech dem CRP-Santé, an der enker Symbios mat dem Centre hospitalier, déi géiegent Raimleechkeiten zur Verfügung stellt fir sech weiderzuentwéckelen.

Här President, am Joer 2000 hat déi zoustänneg Chamberkommissioun Visité bei all Fuersungszelle vum CRP-Santé ënnerholl: an de Centre hospitalier, an de Laboratoire National de Santé, an den deemolege Cunlux, haut Universitéit genannt. Iwwerall hu mer constatéiert, dass d'Fuerschung aktiv an interessant wär, mä dass déi materiell a raimlech Konditiounen, an deene se gemaach ginn ass, schwierig bis ongenügend waren. Container gouf et iwwerall an d'Leit hunn a Gäng an a Kellere geschafft.

Den 20. Dezember 2000 hat ech op dëser Tribün de Gesondheetsminister Wagner, dee jo och de Répondant vum CRP-Santé ass, gradesou gutt wéi d'Madame Fuersungsministerin gefrot, ob a wéi a wou den CRP-Santé en neit Gebai kréie soll. Deemools hat den Här Wagner geäntwert, et wär schonn e Bureau d'architecture chargéiert, d'Virpläng wäeren amgaang gemaach ze ginn. En hätt sech och am Oktober, am November 2000 mat der Madame Baute-minister gesinn. Am Dezember léichen d'Projete bei de Bâtiments publics an an der Zwëschenzäit sollten dann nach Container opgestallt ginn.

Weider huet den Här Wagner deemools gesot, an ech zitieren en textuell: „Et ass deem jëtzege geplangten Timing no virgesinn, dass sollen d'Prozeduren d'nächst Joer ulafen, dass géif ufanks 2002 ugefaangen an dee Moment d'Aarbechte kënnten ongefier Mëtt 2003 ofgeschloss ginn, sou dass ech lech där versprechen, dass mer an deem Dossier do kucken, schnell weiderzoukommen.“

Nu soll et jo net 2003 ginn, mä héchstwahrscheinlech 2008, wann alles gutt geet. Mir begrëssen na-

tierlech, dass dat elo endlech geschitt. Mä mir mussen allerdéngs bedauern, dass dat esou laang gedauert huet.

Déi schlecht Konditiounen, ënnert deenen d'Fuerscher schaffen, hunn natierlech och Influenzen op d'Aarbecht vun deem CRP, op d'Manière wéi do geschafft gëtt. Et ass ons jo och gesot ginn, dass de CRP-Santé op véier verschidde Plazen disperséiert ass, véier verschidde Standuerter. Dat ass schlecht fir Synergien. Wéi heescht dat am Projet? Do ass esou e flotten Terme dofir. Fir d'Fertilisation?

(Interruption)

Voilà!

Fir d'„cross-fertilization“. An dat ass natierlech an deem Fall, wou déi op véier verschidde Plaze sinn, ass déi „cross-fertilization“ ganz schwéier méiglech. Dat ass natierlech fir...

(Interruption)

Jo, voilà. An den Ökobilan ass natierlech och net ganz glécklech dobäi.

Mä dat ass also trotzdeem e Problem. Ech si frou, dass mer deen dann elo an e puer Joer aus dem Wee kréien.

Ech wëll awer och nach derbäifügen, dass jo an der Zwëschenzäit am Juli 2003 de Projet de loi iwwert d'Uni Lëtzebuerg hei gestëmmt ginn ass, mat grousser Begeescherung och, an dass sech natierlech och d'Froe stellen, wéi an Zukunft d'Relatiounen zwëschent der Uni an den CRP sinn.

Mir hu jo bei dem Vote iwwert d'Gesetz vun der Uni net um dem Statut vun den CRP gerüttelt. Mir hu gesot, si bleiwen onofhängeg. Mä nach wësse mer, dass Fuerschung op der Uni gemaach gëtt, Fuerschung an den CRP gemaach gëtt, dass mer awer net derlaanscht komme fir d'Relatiounen dovunner kloerzestellen. Zum Beispill gëtt hei an deem Gebai vum CRP-Santé eng Bibliothék installéiert am Sous-sol, wat héchstwahrscheinlech indispensabel ass, well dat jo eng fachspezifesch Bibliothék muss sinn. Mä nach muss se mer ons iwwerleeën, wéi mer d'Relatioun zwëschent enger zentraler Unisbibliothék, déi mer jo wëllen op de Kierchbiere bauen, an deene fachspezifische Bibliothéke vun den CRPen an och natierlech vun deenen eenzelne Fakultéiten vun der Uni organiséieren.

Här President, mir begrësse selbstverständlech, dass den CRP-Santé en Neibau bei de Centre hospitalier kritt. Dëst ass e gudder Choix, well de Centre hospitalier en öffentlecht Spidol ass, an deem, no deem sengem Gesetz gefuerscht an enseignéiert gëtt. D'Fuerschung am CRP-Santé muss dofir och der Qualitéit vun der Medezin an deem Spidol a vun der Medezin zu Lëtzebuerg insgesamt zegutt kommen.

Et därer een dobäi och net vergiesse, dass de Laboratoire National de Santé mam CRP-Santé zesummeschafft, an ech mengen et ass wichteg, och wa mer endlech mol de Statut vum Laboratoire National de Santé virleie kréien an ze decidéieren hunn, dass een och dorunner denkt, well och deen LNS, deen haut nach eng Verwaltung ass, dee muer eventuell en Établissement public gëtt, Fuersungsaufgaben huet an iwwer säi méi flexible Statut och seng Fuersungsaufgabe besser erfëlle kann.

Den Exposé des motifs enthält eng Partie interessant Donnéeën iwwert d'Aarbecht vum CRP-Santé, déi mer an der zoustänneger Kommissioun e bësse verdéift hunn an déi jo och vum Rapporteur hei op eng excellent Manière duergeluecht gi sinn. Ech brauch also net am Detail drop anzugeen. Ech wëll awer just drun erënneren, dass den CRP-Santé sech am Joer 2000 nei strukturéiert huet an en huet niewent deem, wat en traditionell gemaach huet, och gewëssen Aufgaben ausgebaut.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass menger Meenung no och nach d'Recherche appliquée oder d'Recherche clinique an dem Centre hospitalier muss méiglech sinn, souguer wann den CRP-Santé eng Partie Projeten iwwert d'Problemer vu Medezin hei zu Lëtzebuerg huet, well déi Recherche clinique an deem Centre hospitalier zur Verbesserung an zur Qualitéit vun der Medezin zu Lëtzebuerg ka bäidroen.

Den CRP-Santé wëllt niewent deem wëssenschaftlechen a medezineschen Notze fir d'Qualitéit vun der Medezin och eng wirtschaftlech Utilitéit ënner Beweis stellen. E wëllt - dat ass och gesot ginn - en Accélérateur d'entreprises ginn am Gebitt vun der Biomedezin a vun der Biotechnologie, e wëllt déi Recherchen, déi do gemaach ginn, valoriséieren a klengen Start-upen oder Entreprises zegutt komme loossen; an do hunn ech eng Fro un d'Madame Minister.

Ech ka mech erënnere am Ufank wéi vun Esch/Belval vun deem Projet Rieds gaangen ass, war een Abléck geduecht gi fir en Deel vum CRP-Santé bei den CHL ze setzen an deen Deel, dee sech géif mat Biotechnologien ofginn, op Esch/Belval ze setzen. Ech weess net, ob dat nach ëmmer d'Iddi ass, mä op jidde Fall wann esou en Accélérateur d'entreprises oder esou eng Struktur fir d'Start-upen an der Biotechnologie an deem Projet virgesi sinn, stellt d'Fro sech natierlech vun der Plaz. Wuel ass héchstwahrscheinlech d'Gebai, wéi et virgesinn ass, net ausgelaascht, si Potentialitéiten do, wéi den Här Rapporteur gesot huet, mä fir d'Start-upë brauch een eppes méi Plaz an dofir meng Fro, ob och do-runner geduecht ginn ass.

Ech mengen och, wann ee vun Internationalisation vun der Recherche schwätzt, wéi dat jo och virgesinn ass, also Projekte mat anere Länner, wéi zum Beispill mat Russland, dat ass jo ee Projet vun deem geschwat gëtt, muss ee sech d'Fro stellen, ob ee genuch Plaz huet fir Leit, fir Visiten, Chercheuren, déi zäitweilig op Lëtzebuerg kommen, gradesou gutt wéi déi aner natierlech och musse Plaz hu fir Lëtzeburger Chercheuren, déi eventuell an d'Ausland ginn.

Den CRP-Santé huet 2003 147 Leit mat engem Budget vu 6,6 Milliounen Euro. 2004 sinn et der 181, 2005 sollen et der 200 an 2007 235 sinn. Mat engem Budget vu 16,4 Milliounen, ausser allgemeng vagen Indikationen, ass et natierlech schwéier erauszefannen ob dee Bau, dee mer dann elo dohinere stellen, effektiv der heiteger Situation oder der Situation a fënnel oder an zéng Joer entsprécht. Dat wär natierlech wichteg ze wëssen, well dovunner hänkt jo och d'Entwécklungsméiglechkeet vun deem Ganzen of.

Nach vläicht eng - loosse mer soen - wichteg Fro. Ech weess, dass bei deem Centre hospitalier e grouesse Parking virgesinn ass a soll gebaut ginn. Ech hu gesinn, dass hei beim CRP-Santé e kleng Parking fir Visiteuren am Plang drasteet. Ech huelen un, dass de Parking vum Centre hospitalier och fir deen CRP-Santé virgesinn ass, an et wär interessant ze wëssen, wéini dass dann dee Parking vun dem Centre hospitalier an Ugrëff geholl gëtt an ob deen dann och fir den CRP-Santé ka gebraucht ginn an ob deen dann och mat Zäite fäerdeg ass.

Well mir musse wëssen, dass mer hei an der Stad en CRP-Santé op en Éperon rocheux, op e Cul-de-sac setzen an dass een do natierlech de Verkéier muss organiséieren. Hoffentlech mat öffentlechem Personennahverkéier esou gutt wéi méiglech, mä wuel wäert een op den Auto net kënne ganz verzichten. De verkéierstechnesche Fonctionnement vun deem Plateau ass just eng technesch Fro, awer vläicht net onwichtig fir d'Zukunft iwwerhaupt vun deem Plateau.

Dat gesot, Här President, stëmmt meng Fraktioun selbstverständlech mat vill Begeescherung dësem Projet zou.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här John Schummer agedroen. Den Här Schummer huet d'Wuert.

M. John Schummer (DP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ier ech mat mengen Ausféierungen ufänken, wéilt ech nach dem Rapporteur, Fred Sonnen, merci soe fir säin excellente mëndlechen, genauso wéi säin excellente schrëftleche Rapport. Ech wäert a menger Interventioun also net méi an d'bautechnesch Detailen vun deem Projet hei agoen, de Rapporteur huet dat zur Genüge an in extenso mat allen Detailen gemaach, mä erlaabt mir e puer allgemeng Iwwerleeungen zu dem Sujet, deen haut um Ordre du jour steet, ze maachen.

De Projet de loi 5226, iwwert dee mer haut hei schwätzen, mécht de Wee fräi, fir en neit Gebai hannert dem Centre hospitalier ze bauen. Hei soll dann de Centre de Recherche Public - Santé mat all sengen Ofdeelungen opgeholl ginn. Et ass nach net laang hier, do hu mer hei an der Chamber de Bau vun engem Gebai op den Industriebroche vun Esch/Belval gestëmmt - wa mech net alles iert, war dat am Dezember vum leschte Joer -, deemools hu mer de Bau vun engem Gebai fir de Centre de Recherche Public Gabriel Lippmann hei gestëmmt. An elo, nëmmen e puer Méint duerno, stëmme mer schonn erëm e Gebai fir nees e Centre de recherche public.

Här President: Firwat e Centre de recherche? Fir eng Vollektswirtschaft ass et nëmme wichteg, dass si an deene Beräicher an deenen se aktiv ass, e gewëssene Know-how huet. Eent vun hiren Ziler muss et och sinn, fir um internationale Marché besser ze si wéi déi aner. E Virsprong, deen een haut huet, ka muer schonns der Vergaangenheet ugehéieren. Dat heescht, datt et immens wichteg ass, datt ee sech net op deem, wat een huet, ausrout an am schlëmmste Fall souguer an de berühmte Stëllstand verfält.

(Interruption)

Wat sot Dir Här Di Bartolomeo?

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP). - Wann ee stoe bleift, da geet een zréck.

M. John Schummer (DP). - Jo, dat ass wouer. Dofir hoffe mer, dass Dir net an der nächster Regierung derbäi sidd. Dofir wëlle mir weiderfuere an net zréckgoen.

(Interruption)

Ah, Här Di Bartolomeo, maacht lech keng Suergen iwwert mä Brëll, d'Haaptsaach ech gesinn dermat. Ech hätt och léiwer e bloen un, well duerch dee gesäit een nach vill besser.

(Interruption)

Här Di Bartolomeo, wann Der mech dat herno ganz léif frot, da wäert ech lech opklären.

Trëtt dëse Fall an, besteet Gefor fir déi gesamt Économie, an déi domat verbonnen negativ Impakter op den Aarbechtsmaart sinn och net ze vermeiden. Fir also ebe just dee Stëllstand ze verhënnere ass et fir all Wirtschaft immens wichteg, datt se sech op eng performant Fuerschung an Entwécklung stëtze kann. A besonnesch haut an enger globaliséierter Weltwirtschaft ass et wichteg, dass duerch d'Fuerschung d'Wettbewerbsfäegkeet vun engem Land ënnerstëtzt gëtt; virun allem d'Entwécklung vun neien Technologien a Methoden ass hei extrem wichteg.

Natierlech geet et net duer fir nëmmen Neies ze entwéckelen, och den Technologietransfert spillt hei eng ganz entscheidend Roll.

Wann een elo vum Technologietransfert schwätzt, dann denkt jiddereen un nei Materialien oder Produktiounsverfahren an der Industrie.

Mä, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gëllt genauso fir d'Fuerschung am Beräich vun der Santé. Fir also dës Ziler, déi ech elo grad opgezielt hunn, erreechen ze kënnen, ass am Joer 1988 ënner anerem de Centre de Recherche Public - Santé hei am Land an d'Liewe geruff ginn. Et ass also d'Aufgab vun deenen iwwer 120 Leit, déi mëttlerweil am Centre de Recherche schaffen - an et ass eis jo elo grad gesot ginn, dass dat nach weider soll ausgebaut ginn -, fir Fuerschung ze bedreiwen, den Technologietransfert ze förderen an nei Technologien am medezineschen Beräich ze entwéckelen. Dat alles geschitt natierlech an enker Zesummenaarbecht mat den Entreprises, a wat och ganz wichteg ass, an Zesummenaarbecht mat auslännesche Fuerschungsinstituter, déi och op deene Gebiter zoustänneg sinn a schaffen.

Dës Fuerschung, déi de Centre de recherche bedreift, ass immens wichteg fir ons Économie. Net nëmmen, datt si eben de Stëllstand verhënnert, mä duerch si ka Lëtzebuerg bei den auslänneschen Firmen an Investisseuren, déi sou wichteg Renommee, déi mer brauchen, opbauen. A wéi fir dat ze beweisen, sinn d'lescht Joer opgrond vun den excellente Fuerschunge vum CRP-Santé an den onermiddleche Beméiunge vum Wirtschaftsminister Henri Grethen, fir eis Wirtschaft och ze diversifizéieren, zwou israelesch Firmen op Lëtzebuerg komm. Dës Firma sinn ënner anerem an der Genfuerschung aktiv.

Natierlech huet d'Fuerschungsarbecht, déi am Centre de Recherche Public - Santé gemaach gëtt net nëmmen Auswierkungen am ekonomeschen Feld. Wat dëse Centre a seng Aarbecht esou speziell mécht, ass de Fait, dass alles, wat hei entwéckelt gëtt, direkt oder indirekt Auswierkungen op d'Gesondheet vun eiser Gesellschaft huet; an ech mengen, ech brauch keen heibannen drun ze erënnere, dass d'Gesondheet dat wichtegst Gutt ass, wat mer besëtzen.

D'Fuerschunge vum Centre de recherche sollen dozou bäidroen, datt d'Krankheete besser verstane ginn an datt de Patienten, geneesou ewéi der medezinescher Fachwelt, d'Ergebnisse vun deene Fuerschungen esou schnell wéi méiglech zur Verfügung gestallt kënne ginn.

Déi vill verschidden Domänen an deenen de Centre fuerscht erklären dann och firwat an dësem Projet de loi de Poste vun iwwer 12 Milliounen Euro fir speziell Equipementer steet. Héichwäerteg Fuerschung ass natierlech nëmmen da méiglech wann deen néidegen Equipement och deene Leit, déi do amgaange sinn ze fuerschen, zur Verfügung steet.

Här President, ech wollt dës Geleeënheet och dozou notzen, fir mol all deene Leit merci ze soen, déi all Dag duerch d'Fuerschung oder duerch eng aner Aarbecht am Asaz fir d'Gesondheet vun eiser Gesellschaft sinn.

Här President, ech wëll dann och un dëser Plaz awer nach emol drun erënnere, datt et, obwuel d'Fuerschung an d'Entwécklung esou zentral Facteure fir eng effizient Wirtschaftspolitik, fir eng effizient Diversifizierungspolitik, fir eng effizient Standuertpolitik an och en zentrale Facteur fir d'Wettbewerbsfäegkeet vun engem Land duerstellen, bis an d'Joer 1999, dat Joer wou d'Demokratesch Partei och Regierungsverantwortung iwwerholl huet, gedauert huet, bis

datt Lëtzebuerg fir d'éischt a senger Geschicht e Ministère de la Recherche kritt huet.

Natierlech ass et domadder nach laang net gedoen. Dës Regierung huet och déi néideg finanziell Mëttele fir eng performant Fuerschungsarbecht zur Verfügung gestallt. Och a wirtschaftlech méi schwierigen Zäiten, oder grad dann, fir eiser Wirtschaft deen néidege Know-how zur Verfügung ze stellen, fir op den internationale Marché mat vir kënnen derbäi ze sinn, huet dës Regierung de Budget fir d'Fuerschung an d'Entwécklung an dëser Legislaturperiod vun 28 Milliounen Euro op 71 Milliounen Euro gehéicht. Dat ass net weineg! An dat, an ech wëll elo un dem Statsminister seng Ried zur Lag vun der Natioun vun der leschter Woch erënnere, ouni d'Reserven ze plëmmen an ouni zousätzlech Scholden ze maachen.

Dat bedeit awer elo net, datt mir eis op dës Lorbeeren ausroue kënnen oder dierfen. Lissabon huet d'Ziler virgi fir laangfristeg an alle Länner op eng öffentlech Fuerschung ze kommen, déi 1% vum BIP ausmécht an 2% Fuerschungsausgaben an der Privatwirtschaft. Dës Ziele weisen, datt den Ufank gemaach ass, mä datt mir op dësem ageschloene Wee musse weidergoen. Am Moment leie mir bei 0,3% vum BIP.

A grad eh bien wat d'Fuerschung an d'Entwécklungsarbechten, déi vum Centre de Recherche Public - Santé zum Beispill an esou wichtige Beräicher wéi der Biotechnologie, der Genfuerschung a villen anere Rechercheprojeten, wéi zum Beispill wat d'Bekämpfung vun enger nach ëmmer ganz schlëmmer an a ganz ville Fäll och ëmmer nach net heelbarer Krankheet, dem Kriibs, betrëfft, gemaach ginn, ugeet, ass et eis Aufgab, ech géing souguer soen eis Pflicht, dës Recherche esou gutt wéi nëmme méiglech ze ënnerstëtzen. Dovunner emol ganz ofgesinn, datt d'Konkurrenz um Weltmarché an deenen Domänen net schléift a mir oppasse müssen, datt mer hei net den zweete Präis kréien.

Mat dësem neie Gebai fir de Centre de recherche ënnerstëtze mer d'Fuerschung an eise Land ganz kloer andeems mer de Fuerscher an och all deenen anere Matarbechter, déi do schaffen, vum Centre Raimlechkeeten an och Material an déi néideg Infrastruktur zur Verfügung stellen, déi eng Aarbecht op absolut héichstem Niveau erlaben.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well mir mat dësem Gebai d'Fuerschung an d'Entwécklung an eise Land ganz kloer ënnerstëtzen a förderen, well mir eis Wirtschaft domadder stäerken a well mir eng Investitioun an d'Gesondheet vun eis alleguerte maachen, ass et nëmme ganz kloer, datt d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei dëse Projet selbstverständlech wäert stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt eise Merci un all déi Persounen, déi un dësem Projet matgeschafft hunn. De Projet vum Bau vun engem Gebai fir de Centre de Recherche Public - Santé ass an der zoustänneger Kommissioun fir öffentlech Aarbechte vun Här Jean-Pierre Koopp am Numm vum ADR matgedroe ginn. D'Situatioun vum neie Gebai am Zentrum an d'Tatsaach, dass d'Kommissioun sech mat der Fuerschungspolitik befaasst, féieren dozou, dass ech elo hei d'Zoustëmmung vum ADR ka bréngen. Net zulescht well de Bau vun neie moderne Laboratoiren eng

vun de Prioritéite war, déi ech a menger éischter Ried hei an der Chamber virun zéng Joer genannt hunn.

Mindestens also säit zéng Joer hunn déi vergaange Regierungen dës wichtige Secteur vernoléiseg an ënnert der Kellertrap schaffe gelooss. De Bau selwer ass hei schonn am Detail virgestallt ginn, esou dass ech net nach eng Kéier dorop wëll zréckkommen. E puer Wuert just zur Situatioun um Gebitt vun der Fuerschung am Gesondheitswiesen esou wéi se sech bei eisen Diskussionsenen an de Kommissiounssätzungen erausgestallt huet.

Ob d'Ausrichtung vum Bau, d'Opdeelung an déi verschidden Arichtungen un déi heiteg an zukünfteg Ufuerderungen ugepasst sinn, ass vun den zoustännegen Vertrieeder aus dem Fuerschungs- a Spidols-wiesen net kloer bestätegt ginn. Dat ass dat mannst wat ee ka soen, well op meng Fro, ob de Bau de Bedierfnisse da géif entsprechen a mat de Betraffenen ofgeschwat gi wär, hu se net dierfen äntwerten, well d'Vertrieeder vun der Majoritéit gesot hunn, et wier ze spët fir eppes um Bau ze änneren.

Här President, ech wollt näischt änneren, mä et wier berouegend ze wëssen, dass de Bau den Usprech gerecht gëtt an dass net erëm Upassunge während der Bauzeit Präiserhéijunge bréngen géifen. Op dës Froe musse mer also nach eng Kéier zréckkommen, gradsou wéi op déi politesch onduerchsichteg a komplizéiert Kompetenzverdeelung iwwerhaupt um Gebitt vun der Fuerschung am Gesondheitswiesen.

De Projet fir dat neit Gebai ënnerstëtzt den ADR. Mir brauche verstärkt Fuerschung, besonnesch och op dem Gebitt vun der Gesondheet. Duerfir brauche mer och méi Investitiounen an d'Infrastrukturen sougutt wéi an héich qualifizéiert Fachleit a Projeten. Ech wëll hei drun erënnere, dass den Här Jacques-Yves Henckes e Gesetzesvorschlag erabruecht huet fir Privatinvestitiounen, fir d'Fuerschung steierlech finanziell ze ënnerstëtzen, an dass den ADR a sengem Wahlprogramm och en Zil vun 3% am Statsbudget fir d'Fuerschung agesat huet. Et ass hei scho gesot ginn, am Ablack ass de Stat bei 0,3% ugelaangt an domat déi lescht Positioun an Europa.

Zum Schluss wëll ech nach hei de Fuerscher a Matarbechter félicitéieren, déi bis elo ënnert schlechte Verhältnisse oft aussergewéinlech an international unerkannte Leeschtunge vollbruecht hunn. Den ADR stëmmt dësem Projet trotz de virgenannte Bedenken zou.

Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président. - Als leschten Diskussionsriedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur, dem Här Sonnen, natierlech och merci soe fir säi korrekten techneschen Rapport, deen en hei gemaach huet wat déi nei Gebailechkeeten ubelaangt. Et ass kloer, dass mer déi nei Gebailechkeeten och wäerte stëmmen.

Ech wëll awer soen, dass, wéi ech virun 20 Joer, dat war 1984, als jonke Spunt, als jonken Deputéierten hei an déi Chamber kommen sinn, deemools 1983 am Virfeld vun deene Wahlen vun 1984 grouss Debatte gafel sinn, wou all Parteien, mat deene mer deemools a Konkurrenz stoungen, geschwat dovun hunn, a jiddferen huet dovunner geschwat, mir missten hei zu Lëtzebuerg endlech vill méi staark an d'Matière grise investéieren, well déi Matière grise wier dat Eenzege wat mer hei zu Lëtzebuerg am Fong als Rohstoff hätten, an dofir misste mer dat maachen.

Wann ech de Bilan no 20 Joer versichen ze maachen - ech wëll dat och ganz virsiichteg maachen -, wat dann elo an deenen 20 Joer op deem Gebitt an d'Matière grise vun de Politiker, vun der politescher Klass a Wierklechkeet investéiert ginn ass, da muss ech soen, dass dee Bilan an deene leschten 20 Joer - den Här Schummer huet hei geschwat, dass mer elo bei 0,3% vum BIP ukomm wieren - awer relativ bescheiden ass. Relativ bescheiden ass en zum Beispill wann een e vergläicht mat engem aneren op deem Plang da méi positive Bilan vun der Regierung a Saachen Entwécklungshëllef, wou mer ëmmerhin op scho bal 0,9% vum BIP ukomm sinn.

Et ass also esou, dass an deene leschten 20 Joer munches verschlof ginn ass. An ech géif soen, wann et en Erwäche ginn ass aus deem Dornröscheschlof vun der Fuerschungsförderung, dann ass et virun allem - dat muss een objektiv soen - an de leschte Jore wou dat geschitt ass, awer eréischt an deene leschte Joren! Dat erkennt een dorunner, dass mer elo wahrscheinlech et wäerte fäerdeg bréngen, am Joer 2007 oder 2008, wéi den Här Fayot gesot huet, dem CRP-Santé endlech uerdentlech Raimlechkeeten ze verschafen.

Datselwecht gëllt jo och fir ee vun eisen anere wichtige Centren am Beräich vun der Fuerschung, nämlech dem Laboratoire national vun der Santé, wou och 15 Joer laang drëm gedoktert ginn ass, fir endlech adequat Gebailechkeeten ze kréien, déi dann elo zu Diddeleng an dräi, véier Joer och endlech eréischt wäerten da realiséiert ginn. Dat heescht also iwwer 20, wann net 25 Joer duerno, nodeem mer gesot haten, et misst endlech an d'Fuerschung hei zu Lëtzebuerg investéiert ginn!

Trotzdeem, wéi gesot, mir sinn der Meinung, dass dat elo ganz wichtig ass, dass dee Projet elo ganz séier hei iwwert d'Bühn geet, a mir hunn och näischt un deem architektonesche Konzept, wéi et vum Här Sonnen hei virgestallt ginn ass, aussetzen. Mir kënnen dat also matdroen, fir dass endlech ënnert wüderge Konditioune ka gefuerscht ginn.

Wann ech gesot hunn, dass laang Joren hei en Dornröscheschlof war, da mengen ech Dornröscheschlof vun der politescher Klass, net vun de Fuerscher, well effektiv am Centre hospitalier, och am Statslaboratoire an och am CRP-Santé an deene leschte fënnef, zéng Joer munch positiv Fuerschungsaarbecht gemaach ginn ass vun ënnen erop, vu Fuerscher, déi Fuerschungsprojeten do entwéckelt hunn, a mir kënnen soen, wa mer de Bilan zum Beispill huele vun CRP-Santé, dee mer an der Chamberskommissioun elo virun e puer Deeg virgestallt kritt hunn, dass do eng ganz Rëtsch vun interessante Saachen, vun interessante Projeten op d'Bee gestallt gi sinn, an ech wëllt e weéneg dozou eppes soen.

Ech mengen, et geet net duer, dass mer elo der Fuerschung nei Gebailechkeeten zur Verfügung stellen. Ech mengen och, dass mer als Législateur eis misste Gedanke maachen, wat dann zu Lëtzebuerg soll gefuerscht ginn. Hei ass jo just den enke Beräich vun der Santé. Et gi jo och nach déi aner Fuerschungsberäicher. Ech schwätzen elo haut nëmme vun deem Beräich vun der Santé, an ech mengen, dass een do och als Législateur sech emol Gedanke misst maachen, an ech géif och proposéieren, dass mer direkt no deenen nächste Chamberwahlen am Hierscht emol eng Kéier en Débat doriwwer géife féieren, wat dann d'Prioritéit, wat dann d'Strategie vun der Fuerschungsförderung, a wat d'Prioritéiten an der Fuerschungsförderung vu Lëtzebuerg sollte sinn op deem dote Gebitt.

An der Fuerschung ass et haut esou, dass mir jo am Fong zwee Pilieren hunn an der Fuerschung,

deen ee Pilier ass d'Privatwirtschaft, dat si privat Laboratoiren, d'pharmazeutesch Industrie an esou virun, déi hir Kritären hunn, no deene se Fuerschung bedreiwen, a mat deene Kritären ass et leider esou, dass net ëmmer d'Gesondheitsintérête Prioritéit hunn. Ganz heefeg ass et do och esou, dass kommerziell Intérëten a virun allem kommerziell Intérëten do am Vierdergrond stinn. Mir mierken dat och an deene leschten zwee, dräi Joer, dass carrément vu munchen Equipen a Privatlaboratoire gefudelt ginn ass, dass se Resultater verfälscht hunn nëmmen aus kommerziellen Intérëten.

De Rôle vun der öffentlecher Fuerschungsförderung, dat ass eppes anescht. Eng öffentlech Fuerschungsförderung, déi muss aner Ziler hunn. An dofir wëll ech e weéneg dorobber agoen. Ech hat dat och an der Kommissioun versicht ze maachen, wat ech géif mengen, wat d'Aufgab vun enger öffentlecher Fuerschungsförderung am Gebitt vun der Santé wär.

Déi grouss Beräicher, ob elo am private Beräich oder am öffentlechen, déi am Moment an der Medezin amgaange sinn entwéckelt ze ginn, a wou grouss Hoffnungen dra gesat sinn, dat ass an de leschte Joren natierlech d'Gentherapie, dat ass natierlech de Beräich vun der Stammzellefuerschung, et ass natierlech de Beräich vun den Nanosciencen a vun deene Méiglechkeeten, déi do an der Medezin offréiert ginn, dat ass de Beräich vun der Psycho-Neuro-Immuno-Endokrinologie, an et ass de Beräich vun der Umweltmedezin. Dat sinn déi fënnef grouss Beräicher mol, vun deenen ech géif mengen, dass se an deenen nächste Joren d'medezinesch Fuerschungsdiskussioun wäerten dominéieren.

Am private Secteur vu Privatlaboratoiren ass et natierlech ganz kloer, dass do haaptsächlech de kurative Beräich vun der Fuerschung interessant ass, well dat erlaabt herno och Medikamenter ze patentéieren, déi ee ka verkafen, a wou ee ka Gewënner domadder maachen, wougéint am Prinzip och näischt anzuwenden ass. Et ass näischt dogéint anzuwenden, an et ass souguer och näischt dogéint anzuwenden, dass en öffentlecht Fuerschungsinstitut do kollaboréiert, fir do méi schnell am kurative Beräich och zu Resultater ze kommen, woubäi een dann an deenen eenzelne Beräicher vläicht awer misst kucken, wat fir eis hei zu Lëtzebuerg an deem Beräich kann interessant sinn.

Huele mir de Beräich vun der sou genannter Gentherapie. Et gëtt Fuerschung fir ze kucken, wéi wäit een iwwert d'Gentherapie eng Rëtsch - zum Beispill Kriibs oder neuro-degenerativ - Erkrankungen kann an de Grëff kréien. Do si grouss Hoffnungen geweckt ginn, an deem Beräich. Ech mengen, dass déi Hoffnungen zum Deel - ech wëll net soe ganz, mä zum Deel - op Illusioune berouen, och wann ech net ausschléissen, dass mer do an deenen nächste fënnef oder zéng, fofzéng Joer zu Resultater kënnen kommen.

Wat awer interessant wär do, grad am öffentleche Beräich, dat wär virun allem d'Gendiagnostik - déi ze diskutéieren. Fir ze kucken zum Beispill a Kombi mat der Umweltmedezin, firwat déi eng Leit - an dat kann ee maachen iwwert d'Analys vu genetesch Polymorphismen -, firwat dass déi eng Leit zum Beispill duerch d'Umwelt méi krank gi wéi aner, déi deeneselwechte Chemikalie beispillsweis exposéiert sinn. Dat heescht, do wär beispillsweis ee Beräich, deen hei an der Fuerschung kéint sënnavoll sinn am Beräich vun der Gentherapie. Net deen eenzeg, mä een.

Dann hu mir de Beräich vun deene groussen Hoffnungen, déi geweckt ginn, am Beräich vun den Nanosciencen, wou gesot gëtt, dass et

méiglech kéint gemaach ginn - do sinn dann och déi Privatlaboen alleguerten dohannert -, fir Antikriibsmëttele ganz geziilt vill méi kënnen an d'Zellen eranzeschleisen, déi sinn am Beräich vum Nano, dat heesch vum Milliardstel-Partikel, déi do besser kéinten erakommen. Dat ass eng sënnavoll Fuerschung. Do kann och d'öffentlech Fuerschung bei de Privatlaboratoiren duerchaus matfuerschen. Et muss een alerdéngs eng Diskussioun do iwwert d'Avantagen an och gewësse Risiko vun der Diséminatioun vun eventuelle Polluanten och féieren, mä grondsätzlech soll een dat positiv ugoen.

Da gëtt et de Beräich vun der Stammzellefuerschung. Op déi wëll ech haut hei op dëser Plaz net agoen, well mir jo do an der Ethikskommissioun d'Diskussiounen schonn haten, an ech gi ganz staark dovunner aus, dass mir déi nach wäerten no den nächste Chamberwahle viruféieren, beispillsweis iwwert déi embryonal Stammzellen, wou et jo keng Eenegkeet gëtt um europäesche Plang. Dofir wëll ech elo hei haut dorobber net agoen.

An da kommen ech zum Beräich vun der Umweltmedezin. An do, Madame Ministesch, mengen ech, datt dat do awer grad eppes wär, wat hei eng öffentlech Fuerschungsförderung vill méi geziilt, wéi dat bis haut de Fall war, sollt ugoen.

Wa mir hei iwwert d'Santéspolitik et fäerdeg bruecht hunn, iwwert den Här Gesondheitsminister Carlo Wagner, fir hei a Lëtzebuerg eng Umweltmedezinesch Diskussioun an och d'Förderung vun der Umweltmedezin iwwert d>Weiderbildung vun Doktere beispillsweis an d'Wee ze leeden, a wa mir elo diskutéieren iwwert d'Konstruktioun vun enger Umweltmedezinescher Spezialklinik, da schéngt et mir evident ze sinn, dass grad op deem Gebitt et jo sënnavoll kéint sinn, do ronderëm konkret um Objekt Umweltkranken d'Recherche matzeorganiséieren - net nëmmen ze versiche Leit ze hëllefen an der Therapie, mä och do ronderëm wierklech Recherche ze maachen, wouriwwer mir eis kéinte valoriséieren. Well ech mengen, wann et een Aufgabebitt vun der öffentlecher Fuerschungsförderung am Gebitt vun der Santé gëtt, da misst et a mengen Aen de Beräich si vun der Preventioun a vun der Santé publique, wierklech.

D'Preventioun, d'Santé publique, dat missten déi Beräicher sinn, wou dann déi Fuerschung soll stattfannen. An ech géif op jidde Fall deen Appel maachen, dass mir déi Geleeënheet net solle verpasse fir ze kucken, wa mir an déi dote Richtung ginn zum Beispill vum Bau vun enger Umweltmedezinescher Klinik, dass mir do ronderëm och sollen den CRP-Santé mat aschalten, dass mir do den CHL sollte mat aschalten, dass mir eventuell musse kucken och am Beräich Uni Lëtzebuerg de Beräich Umwelt a Gesondheet zesummenzeden.

Dann hätte mir vläicht hei zu Lëtzebuerg an an Ausstrahlung op d'Groussregioun e ganz sënnavolle Créneau, dee mir hei a Lëtzebuerg onofhängeg vum Afloss vu pharmazeuteschen Industrien oder vu chemeschen Industrien an esou virun - ënnert deenen hirem Afloss aner Länner ganz schnell stinn - kënnte maachen, ouni deen Afloss, wouduerch mir eis kéinten eng nei Nisch opmaachen, déi wierklech d'Lëtzebuerg Fuerschungspolitik géif valoriséieren.

Dat war e weéne, wat elo dozou ze soen ass. Ech mengen, mir sollten esou eng strategesch Diskussioun féieren, fir d'Prioritéit vun eiser Fuerschung am Gebitt vun der Santé och vu Säite vum Législateur

aus ze diskutéieren a méi prezis ze cibléieren, a mat de Fuerscher selber ze diskutéieren. Dann, mengen ech, kënnen mer an eng ganz sënnavoll Fuerschungsaarbecht eragoen, an déi och de Législateur géif am Intérêt vun de Patienten, am Intérêt vun de Kranken - am direkten Intérêt - kéint eragoen, déi de Patienten och zegutt géif kommen.

Ech mengen, dass och wirtschaftlech Retombéeë kéinten do sinn, well wa mir e Centre d'excellence ronderëm déi dote Fuerschung géife maachen an der Umweltmedezin, da géif dat ouni Zweiwel och ausstrahlen op aner Länner. Dann hätte mir eppes dovun, dann hätte mir eng kleng nei ekonomesch Nisch doduerjer och dobäi geschaaft, da wäeren et net nëmme Kranker, déi géife behandelt ginn. Déi Recherche do géif eng ekonomesch Nisch maachen, well dat dote géif dem Image vu Lëtzebuerg mat Sécherheet zegutt kommen.

Dat gesot, dat dote si Considérations, wat d'strategesch Ausrichtung vun der Fuerschung an der Santé ubelaangt. Wat elo de Bau selwer ubelaangt, hunn ech gesot, hu mir kee Problem domat, mir wäerten dat also stëmmen. Mir bedauere just, dass et esou laang gedauert huet, bis mir dozou kommen, d'selwecht wéi beim Statslaboratoire.

Merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Ministesch fir d'Bauten, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Här President, ech huelen un, dass och hei de Vote unanime gëtt fir dëse Projet de loi, well et ass dee leschte Centre de recherche public, deen elo mat engem neie Gebai an d'Zukunft erageet an dee seng Entwécklung dorobber kann opbauen.

Ech wëll kuerz am Réckbléck soen, wann een iwwer 20 Joer zrëckkuckt, wéi den Här Huss dat gemaach huet, da kann een net soen, et ass näischt geschitt; et kann een net soen, et ass vill geschitt; et kann een och net soen, et ass net genuch geschitt. Et ass dat geschitt, wat dee Moment all Kéiers och an der europäescher Fuerschung lass war.

A mir hunn 1985 deen éischten europäesche Fuerschungsprogramm kritt, an dee Fuerschungsprogramm war axéiert op Recherche et développement. An dat huet natierlech bedéngt, dass och eist Gesetz vun 1987, wat deemools op Grond vun enger parlamentarescher Debatt entstanen ass, wou ech Presidentin vun der Kommissioun war, den Här Fayot an den Här Colling Corapporteurs, déi do zu dem Gesetz vun 1987 gefouert ginn ass fir d'Schafung vun de Centres de recherche publics, an där Logik gemaach ginn ass, well ëmmer d'Meenung war, mir sinn ze kleng, mir hunn aus deem Grond keng Uni gemaach, mir kënnen eis Grondlagefuerschung net leeschten, an déi Iwwerleeungen hunn zu enger virsiichteger Approche gefouert vun der Fuerschung hei, déi mir dann 1987 an engem éischte Schrëtt gemaach hu mat der Schafung vun deene Centres de recherche publics.

Et ass net wouer, dass ni e Fuerschungsminister hei war, et war ëmmer eng Zoustännegkeet fir d'Fuerschung, et war ni en extrae Ministère, deen ass eréischt 1999 komm. Ech kommen och nach dorobber zrëck, well ech si jo deemools vill belächelt ginn, an et ass jo vill kritiséiert ginn, dass mer de Ministère géifen ofsplécke vun der Educatioun. Ech mengen, haut gesi mir an, dass dat och säi Sënn hat an dass dat Sënn gemaach huet, fir Héichschoul a Fuerschung zesummenzeschloen an engem eegene Ministère.

Mir hunn dann 1997 eng Evaluatioun gemaach vun eisen CRPen, well mir wollte wëssen, no zéng Joer: Wou si mer drun, wou sti mir a wat solle mir maachen? Mir hunn op Grond vun der Evaluatioun gesot kritt, dat ass ganz gutt, fir Entwécklung a fir Innovatioun, dat ass awer net gutt genuch fir a Grondlagefuerschung eranzegoen, do si mir nach net. Mir hunn 1999 de Fonds National de la Recherche geschaaft, dee fir d'alleréisch d'Méiglechkeet ginn huet, och iwwergräifend iwwert déi Établissements publics do anzegräifen a Finanzementer ze maache fir Fuerschungsprojeten.

Dat gesot ass awer doniewent eng ganz Politik gelaf vu Bourses formation recherche, wou vill jonk Lëtzebuerger eng Bourse kritt hunn, fir am Ausland an engem troisième cycle oder an auslännesche Laboratoiren hir Fuerschungsaarbechte virun ze maachen.

Et ass also op deem Plang individuell munches geschitt, a wa mer elo 1999 dann dee Ministère gesplitt hunn, fir dann och no all deenen Evenementer - Processus vu Bologne a Livre blanc - vun der Héichschoulsituatioun hei zu Lëtzebuerg dann d'Universitéit geschaaft hunn, da kënnen mer soen: Mir sinn elo op engem Punkt, wou de Rythme de croisière erreecht ass, datt mer selbststänneg Fuerschung kënnen ugoen.

Ech sinn net der Meinung, datt do d'öffentlech Hand soll dirigistesch agräifen. Et ass e bësse wéi bei der Kultur. Et ass ëmmer esou, datt jo Fuerschung vill op Individualitéiten axéiert ass an datt et ganz dacks individuell Fuerscher sinn, déi duerch hir Aktionen d'Saach a Bewegung bréngen, an et ass...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Ech géif awer e bëssen ëm Opmerksameheet bieten. Et si jo awer wichtig Saachen, déi hei geschwat ginn, an Dir schwätzt hei wéi wa mer op enger öffentlecher Plaz dobausse wäeren. Also nach eng Kéier den Appel u jiddferee fir nozelauschteren, wat hei gesot gëtt.

Madame Minister, fuert virun.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics. - Et ass also dofir wichtig, datt mer eis ëmmer bewosst sinn, mir kënnen do opbauen, wou mer Kompetenzen hunn, an dat hu mer an deene jeeweilege Fuerschungsprogrammer och gemaach.

Ech muss soen, déi Resultater, déi eis Centres de recherche publics allen dräi hunn, déi loosse sech weisen. Mir leie bei 26% Réussite, wa mer europäesch Projeten erarechen, bei deenen europäesche Programmer. Mir hunn deemno eng Cote, déi iwwert dem europäeschen Duerchschnëtt läit, déi bei 24% ass. Mir sinn also vun der Kompetenz hier op engem Punkt wou een nëmme ka soen, mir hu gutt Kompetenzen hei am Land a mir hunn och gutt geschafft.

Ganz besonnesch den CRP-Santé huet sech vill misse ploen. An ech wëll vun hei aus all deene Leit, déi do während Joren a ganz schlechte Konditiounen eng formidabel Aarbecht gemaach hunn, merci soen, datt se laang ausgehalen hunn. Et war och net evident, well den CRP-Santé munnech Réckschléi bei senge Fonctionnement hat, ee President ass gestuerwen, a mir hunn dann elo zënter e puer Wochen een neie President, dee keen aneren ass wéi de jëtzenen Direkter vum Recherchezenter vun der Goodyear. Sou datt mer also do eng Nofolleg hunn, déi dann och sécherstellt, datt den CRP-Santé fir d'Zukunft gerüst ass.

Dann ass hei an der Debatt opgeworft ginn: Wat ass dann déi Zukunft?

Här President, ech kann net soen, ob mer elo am Joer 2007 235 Leit am CRP-Santé hunn. Dat hänkt na-

tierlech vun hiren Entwécklungen of; dat hântk vun deenen eenzelne Projeten of, wéi d'Chercheuren se opbauen; dat soll ofgesécherst sinn, andeems d'Regierung de Finanzement garantéiert. Fir dëse Moment hu mer an eisen dräi CRPen zesummegefaasst ongeféier eng 400 Leit schaffen. Dat ass net näischt. Dat ass ee klenge Mëttelbetrib, dee mat festen Aarbechtsplazen ofgesécherst ass. Et ass also och eng Schafung vun Aarbechtsplazen, déi iwwert de Wee vun der Fuerschung geschitt, an den CRP-Santé ass an héich performanten Domänen tätég.

Här Fayot, Dir hutt gefrot firwat et esou laang gedauert huet, bis dee Projet ausgeschafft ginn ass. Wann een e Projet ausschafft, wou komplizéiert Laboratoiren drakommen, dann ass dat e Gebai, dat sech net wéi en Administratiounsgebai mat Büroen um Räissbriet maache léisst. Et ass dofir eng laang Phas vun Elaboratioun ginn. Et sinn och Diskussiounen ginn ëm de Käschtepunkt.

Mir wësse jo awer, datt mer hei e beträchtliche Käschtepunkt investéieren; datt deen heiten CRP esou deier ass wéi déi zwee aner zesummen. Dat heescht dofir awer och, datt seng Equipementer vu gudder Qualitéit solle sinn an an d'Zukunft féieren.

An da gëtt d'Fro gestallt: Wéi ass d'Interaktioun mat dem Site Belval? Fir mäin Deel kann ech nëmme soen, datt mer zu Belval, en accord mam Wirtschaftsminister, virgesuergt hunn, datt zu Belval Plaz ass fir Start-upen an datt all Equipementer, déi op Belval kommen, et och méiglech maachen, datt Start-upé sech zu Belval um Terrain aplanzen. Dat ass d'Weiderféierung vum Projet Schlassgoart, wou mer zu dësem Moment scho 15 där Start-upen hunn, déi sech begleet loosse vum CRP Henri Tudor.

Et wäert also esou sinn, datt déi wirtschaftlech Entwécklung hei dru gekoppelt ass, an et ass eng vun deene Chancen, déi eist Land nach huet, fir an der Wirtschaft auszubauen, fir ze diversifizéieren, fir nei Aktivitéiten an deenen dote Beräicher vun der Fuerschung hei opzebauen.

Ech wëll och ganz kloer soen, datt ech eng Zesummenaarbecht mat der Universitéit natierlech an deem Mooss gesinn, wou d'Universitéit hir eegle Laboë wäert bauen, wat jo net déiselwecht Laboë kënne si wéi déi, déi mer elo fir den CRP bauen. Also ass d'Zesummenaarbecht unhand vun den Infrastrukturen ze organiséieren tëschent den Instituter. Ech denken, mir müssen ophale mat deem Cloisonnement, datt mer soen, wann deen een hei beim Centre Hospitalier sëtzt, an deen anere sëtzt zu Belval, da kënnen déi zwee net matenee schaffen. Et soll ëmgedréint sinn. Et soll zesummegeschafft ginn, an dat ass och méiglech.

Et bleift nach e Problem ze klären. Dat ass een épineusë Problem, deen eis nach vill Kappzerbrieche wäert maachen, dat ass de Statut vum Laboratoire National de Santé. Mir hunn eis engagéiert aus deem Laboratoire e Laboratoire de référence ze maachen. Fir de Moment si mer amgang mat der Programmation. Awer och do huet de Baute ministère zu dësem Zäitpunkt nach net den definitive Programm vun deem, wat dann inhaltlech soll gebaut ginn. Et ass also wichteg, datt mer do kucken, wéi de Laboratoire National de Santé dann an de ganze Fuerschungsberäich agräift a wéi mer do déi néideg Synergien kënne maachen.

Här President, zum Schluss soen ech dem Rapporteur merci, deen hei gutt a schnell Aarbecht gemaach huet. Mir kënnen hei fir den CRP-Santé e schéint Gebai bauen, an dat ass zum Wuel vun der Fuerschung. Woubäi ech soen, datt déi Entwécklung ouni d'Universitéit selbstverständlech net méiglech gewiescht wär. Well iwwerall wou een am Ausland kuckt, wou d'Fuer-

schung ee Standuertfacteur gëtt, do ass et well och eng Universitéit derbäi ass. An déi Synergie, déi hu mer eréischt gemaach mat der Décisioun, fir hei och d'Universitéit ze schafen.

Ech denken, datt dofir d'Fuerschung an den nächste Jore ganz sécher op hiren 1% vun dem PIB wäert kommen, esou wéi den europäesche „benchmarking“ ass. Den Effort, dee mer dës Kéier gemaach hu vun 0,1 op 0,3%, dat ass ee beträchtlechen.

(Interruption)

Et kann een och keen Effort maachen, wann ee keng Projeten huet, an ech menge Projete kritt een och nëmmen, wann d'Infrastrukturen do sinn, well soss gëtt dat ee Cercle vicieux, deen een net zu Enn féiere kann.

Ech soen der Chamber merci fir dee positive Vote.

M. le Président. - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5226 a mir stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also elo of iwwert de Projet de loi 5226.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmmen mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Lucien Clement), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Laurent Mosar), MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par Mme Simone Beissel), Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. John Schummer), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Xavier Bettel), MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf (par M. Aly Jaerling) et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira);

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5162 iwwert dee staatleche Centre socio-éducatif. Et si schonn ageschriwwen: déi Hären Di Bartolomeo, Bettel a Jaerling an d'Madame Reuter. D'Wuert

huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Marie-Josée Frank.

4. 5162 - Projet de loi portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Wuel vun eise Kanner, déi eis Zukunft sinn, muss jiddferengem um Häerz leien. D'Kanner brauche Léift, Gebuergeheet, Schutz an Orientéierung. Dat ass eng Eltereiflicht, déi haut ganz oft, duerch wéi eng Émstänn och nach, net méi respektéiert gëtt.

De virleiende Projet de loi „portant réorganisation du centre socio-éducatif de l'État“ dréit dozou bäi, de Kanner ze hëllefen, wa se net méi mat hire Problemer fäerdeg ginn, an hir Famill net méi an der Lag ass, si ze encadréieren.

De Projet 5162 gesäit vir, de legislative Kader un de Reformimpuls um Niveau vun de Centres socio-éducatifs unzepassen an den Erausforderunge bei der Prise en charge vu Kanner a Jugendlecher mat Verhalensstéierung Rechnung ze droen.

Une voix. - Très bien.

Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice. - Den Objet vun dësem Gesetz ass d'Schafung vun enger Sécherheetsunitéit zu Dräibuer. Am Kader vun der Orientéierungsdebat, wou ech Rapportrice war, iwwer eisen aktuelle Jugendhëllef- a Jugendschutzsystem, deen am leschten Hierscht an der Chamber stattfont huet, huet d'Spezialkommission „Jeunesse en détresse“ dorobber higewisen, dass d'Centres socio-éducatifs net méi den Uspréich vun enger moderner Prise en charge vun de Kanner an de Jugendlechen entsprechen.

D'Détresse vun de Kanner huet vill Wuerzelen, déi oft matenee verstréckt sinn. En Dysfonctionnement an der Famill; de Leeschtungsdrock an der Schoul an an der Gesellschaft wou Upassungsfäegkeet, Flexibilitéit an Autonomie an ëmmer méi grouse Moosse verlaangt ginn, mä och perséinlech Facteuren, wéi zum Beispill psychesch Defizitter, sinn e puer Ursachen, déi d'Nout vun de Kanner erklären. Drogen- an Alkoholkonsum, all Form vu Gewalt, Délinquance sinn oft Äntwerten op Froen a Problemer, déi d'Kanner hunn.

Wa fréier d'Kanner, déi zu Dräibuer a Schraasseg placéiert goufen, haaptsächlech aus aarmen, sozial schwache Famillje komm sinn, ass hautdésdags ëmmer méi, dass jonk Leit aus gutt bemëttelte Familljen an dëse Strukturen opgehall ginn. Ëmmer méi Kanner, déi zu Dräibuer oder Schraasseg ënnerbruecht ginn, hu psychesch Problemer. Vill Kanner ginn haut net méi geléiert elementar Verhalensregelen ze respektéieren. Et ass also net verwonnerlech, wa sech ëmmer méi Kanner duerch en destruktivt Verhale kennzeechnen. Doriwwer eraus ass och d'Zuel vun de stroffällege Jugendlechen a virun allem vun de réckfälligen Délinquanten, déi speziell zu Dräibuer a Schraasseg placéiert ginn, an deene leschte Joren an d'Luucht gaangen.

Mir hunn haut wuel verschidde Strukturen, wou Kanner a Jugendlecher ënnerbruecht kënne ginn, falls e Placement noutwendeg ass. Am Prinzip komme Kanner a klas-

sesch Kannerheemer. D'Centres socio-éducatifs sinn do fir méi schwieereg Kanner opzehuelen. De Problem vun de Centres socio-éducatifs ass dee vun der Verméschung vun de Kanner. Dir fannt haut oft zu Dräibuer a Schraasseg souwuel Kanner, déi net an engem Foyer ënnerbruecht ginn, well do keng Plaz ass, mä et ass awer ganz oft esou, dass d'Kanner speziell mat liicht a méi schwéiere Verhalensproblemer respektiv Kriminaler do ënnerbruecht ginn.

Mir sinn eis also alleguerte bewosst, dass mir lwwergangsstrukturen hei am Land brauchen. Et ass dofir wichteg, de juristesche Kader vun de Centres socio-éducatifs ze reforméieren, fir iwwer e Rechtinstrument ze verfügen, deen dësen Opfangstrukturen d'Méiglechkeet gëtt, hiren Aufgaben a Missiounen besser nozekommen. Et ass noutwendeg eng geschlossen Unitéit ze schafen, wou Kanner a Jugendlecher bei deenen eng staark Destrukturéierung vun der Perséinlechkeet festgestallt ginn ass, déi fir sech selwer oder hiert Ëmfeld eng Gefor duerstellen oder déi stroffälleg gi sinn, ënnerbruecht kënne ginn.

De virleiende Projet reit sech an der Evolutioun vun de Centres socio-éducatifs säit hirem Bestoen - an zwar kuerz nom Zweete Weltkrich - kennzeechnend an. Lues a lues huet sech d'Konzept vun de Missiounen vun de Centres socio-éducatifs geännert. D'Aufgab vun dëse Centres kann net an der Bestrafung vum Mineur leien, mä an der Erzéiung an an der Reintegratioun vum Betreffenden a seng Famill, an d'Schoul an an d'Gesellschaft.

D'Gesetz vun 1991 huet dës Evolutioun vervollstännegt an e kloert Zeeche gesat, andeems dësen Text virun allem déi nei socio-éducatives Missiounen vun de Centres iwwerhall huet. Niewent hiren traditionellen Aufgaben, déi an der Betreuung an an dem Schutz vun de Jugendleche besteet, sollen a müssen d'Centres hir Pensionnairen ënnerstëtzen a si op hiert Liewen no Dräibuer, respektiv Schraasseg, virbereeden.

Um infrastrukturelle Plang sinn och eng ganz Rei Projeten zënter 1991 realiséiert gi mam Zil, d'Prise en charge vun de Kanner ze optimiséieren an déi zwou Unitéiten Dräibuer a Schraasseg mateneen ze verbannen. Ech denken do un d'Regruppéierung vun den interne Schoulen oder un d'Schafung vun enger gemeinsamer Direktioun an Administratioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de wichtigste Punkt vum virleiende Gesetzesprojet ass d'Schafung vun enger Sécherheetsunitéit zu Dräibuer. Schonn 1992 ass e Groupe de travail interministériel, deen de Fernand Boden deemools als Familljeminister an d'Liewe geruff hat, zur Konklusioun komm, dass et opportun wär, zu Dräibuer eng geschlossen Unitéit ze bauen. Den europäesche Comité géint d'Torture an aner onmenschlech Behandlungen huet an deem Rapport vun 1997 op d'Noutwendegkeet zu Lëtzebuerg higewisen, esou eng Unitéit zu Dräibuer virzegesinn. D'Regierung ass schonn an hirer Erklärung vun 1994 drop agaangen, wat awer schlussendlech eréischt an der Regierungserklärung vun 1999 definitiv zréckbehalen ginn ass, an zwar d'Schafung vun esou enger Unitéit um Site zu Dräibuer.

An dësem Kontext ass nach ervirzehiewen, dass d'Chamber den 11. Mee 2000 eng Motioun gestëmmt huet, wou d'Regierung opgefuerdert ginn ass, fir dës Unitéit bis spéitstens Enn 2001 ze realiséieren. Et war awer am leschte Joer am Mee 2003, wou dëse virleiende Projet an der Chamber deponéiert ginn ass.

Wéi all sensibel Sujeten, huet d'Schafung vun enger geschlossener Unitéit fir vill Kontroversen am Public an an der Kommissioun ge-

suegt. D'Pädagogen zum Beispill mengen, et wär net gutt, esou eng Unitéit virzegesinn. Si fäerten, dass dës Struktur zu enger Zort Ofstellraum gëtt, wou all déi méi schwieereg Kanner a Jugendlecher, déi keen traditionelle Foyer wëllt ophuelen, ënnerbruecht ginn. Si mengen och, dass e Placement an esou enger Struktur dee jonke Mënsch wäert stigmatiséieren, wat schlussendlech enger Réinsertioun net wäert zegutt kommen. Mir sinn eis awer bewosst, dass klassesch Foyeren net géegent sinn, fir d'Kanner mat spezifesch Verhalensschwiegkeeten opzefänken. Mir brauchen dofir nei Strukturen nient der bestoender Kannerpsychiatrie, déi jo viru kuerzem um Kierchbiere geschaf ginn ass.

Wat d'Bedenke vu verschiddene Leit, wat d'Schafung vun esou enger Struktur, ugeet, mengen ech, dass alles eng Fro ass, wéi een den Encadrement vun deene betraffene Jugendleche gesäit. Et geet aus dem Projet ervir, dass d'Autoren eng Struktur schafe wëllen, déi kloer definéiert socio-éducatives Missiounen huet. Net fir näischt hunn d'Auteure vum Projet sech och fir de Site vun Dräibuer ausgeschwat. Den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, wéi och de Statsrot stellen de Site a Fro. Vill Kollegen heibannen hätten sech och gewënscht, d'Sécherheetsunitéit wär op eng aner Plaz komm. Et ass awer zréckbehalen ginn, dës Unitéit op Dräibuer ze bréngen.

(Interruption)

Wat gelift?

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse. - Et hat awer keen eng aner Plaz proposéiert. Et ass liicht fir ze soen, dat do ass net gutt, mir hätten se léiwer enzwousch aneschtlers!

Mme Marie-Josée Frank (CSV), rapportrice. - Ganz richtig, ech hu gesot, d'Memberen an der Kommissioun.

D'Sécherheetsunitéit stellt fir verschidde Kanner déi éischt Etapp vun engem laange Reintegratiounsprozess duer, deen an der geschlossener Unitéit ufänke wäert, mä net do ophale soll. Si verfollegt déiselwecht Ziler wéi d'Centres socio-éducatifs, oder fir méi prezis ze sinn, wéi d'Internat zu Dräibuer oder Schraasseg. Et ass och méi einfach e Kand vun enger Unitéit op déi aner ze transferéieren, wann déi zwou Unitéiten Deel vun engem Site sinn.

E weidert Argument, wat fir de Site vun Dräibuer plädéiert, ass d'Tat-saach, dass déi geschlossen Unitéit vun den Experienzen an Innovatiounen vum Centre socio-éducatif vun Dräibuer a puncto Pédagogie an therapeutesch Encadrement ka profitéieren; wat jo am Interesse vun de betraffene Kanner a Jugendlecher ass. Den europäesche Comité géint d'Torture an aner onmenschlech Behandlungen ass iwwregens och mam Site vun Dräibuer averstanen. Esou kann een et a sengem Rapport vun 1997 noliesen.

D'Sécherheetsunitéit zu Dräibuer ka maximal zwielf Kanner ophuelen. D'Auteure vum Projet hunn dës Ziel zréckbehalen, well se all Mëssbrauch vun dëser Struktur wëlle vermeiden. Dës Unitéit besteet aus véier verschiddene Sektionen, déi jeeweils dräi Kanner respektiv Jugendlecher ophuele kënnen. Dës erlaabt eng individuell Prise en charge vun deene Betreffenden.

De Projet gesäit och vir, Sécherheetsmoosnamen ze treffe fir d'Kanner, déi an der Émgéigend an d'Schoul ginn, an och fir déi Leit, déi an der Émgéigend wunnen, an dofir gëtt op dem Site eng Mauer vu fénnef Meter ronderëm déi nei Struktur gebaut, an et ass och d'Schafung vun engem zentralen Sécherheetsposté virgesinn.